Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/08/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Gesondheet weiderzeleeden.

D'*Beneluxa initiative*, zu där och Lëtzebuerg säit 2015 gehéiert, verfollegt ënnert anerem d'Zil, den Accès zu qualitativ héichwäertege Medikamenter an d'Folgenofschätzung vu medezineschen Innovatiounen ze verbesseren. Am Kontext vu Medikamenter, déi bei rare Krankheeten zum Asaz kommen, soll d'Beneluxa-Kollaboratioun iwwerdeems vu Bedeitung sinn, fir mam Pharmacie-Secteur iwwer Medikamentepräisser ze negociéieren.

Vu rare Krankheete schwätzt een, wann net méi wei 5 vun 10.000 Léit vun enger Krankheet betraff sinn. Fir d'Patienten an d'Krankekeesen erginn sech fir d'Traitementer vun esou Krankheeten oft héich Käschten, well eng Masseproduktioun vun de benéidegte Medikamenter opgrond vun der gerénger Nofro net méiglech ass. Dat bedeit, dass iwwert ee Behandlungsjoer och schonns emol Käschte vun enger hallwer Millioun Euro ufale kënnen, fir e Patient mat enger rarer Krankheet ze soignéieren. Esou gëtt séier ersiichtlech firwat international Negociatioune mam Pharmacie-Secteur vu grousser Wichtegkeet sinn, wann et em d'Accessibilitéit vu seelene Medikamenter geet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi schätzt de Minister – elo, bal véier Joer nom Bäitrëtt zu der Initiative – d'Resultater vun der internationaler Zesummenaarbecht an?
   Wéi eng Konsequenzen hunn sech fir Lëtzebuerg erginn a wéi eng fir d'Partnerlänner?

2. Léisst sech an der Gesondheetspolitik eng kloer Verbesserung vun der géigesäiteger Berodung an der internationaler Koordinatioun tëscht de Partnerlänner vun der *Beneluxa initiative* erkennen?

3. Ginn et zum aktuellen Zäitpunkt aner europäesch Länner, déi sech der Initiative an Zukunft wéilten uschléissen?
   Falls jo: Em wéi eng Länner handelt et sech?

4. Wéi hunn sech d'Präisser vu Medikamenter fir Patiente mat rare Krankheete säit der Grënnung vun der *Beneluxa initiative* entwéckelt?
   Huet d'*Beneluxa* konkreten Afloss op d'Präisser vu verschiddene Medikamenter gehat?
   Falls jo: Em wéi eng Medikamenter handelt et sech?
   Falls nee: Wisou net?

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

5. Wéi eng konkret Resultater kennen sech Patiente mat rare Krankheeten an Zukunft duerch d'international Kooperatioun innerhalb vun der *Beneluxa* erwaarden?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député